

semaine raoul follereau 2018

du 22 janvier au 02 février 2018



Wei all Joers fannen d’Fondatioun Follereau an den Fieldgen sech zesummen fir während der Semaine Follereau eng nei global Problematik ze analyséieren. Dëst Joer steet eng Thematik um Programm, déi jonk AbsolventInnen zu Lëtzebuerg, wéi och op der ganzer Welt beschäftigt: **Jugendarbeitslosigkeit an den Zougang op den Aarbechtsmarché.**

Bildung an allen Formen bleibt och hautze-daags nach ëmmer ee Privileeg fir ganz vill Kanner, Jugendlecher an och Erwuessener an ass dofir **Zil N°4 vun den nohaltegen Entwécklungs-ziler** (Sustainable Development Goals, kuerz SDGs), déi 2015 vun der Gemeinschaft vun den Vereenten Natiounen (dat sinn 193 Länner) als neien globalen Agenda festgeluecht goufen.

17 Ziler sollen bis 2030 vun alle Länner verfollegt ginn an sou eng besser a méi gerecht Welt – am sozialen, ekonomeschen an ökologeschen Sënn – erméiglechen. Fir dës Ziler ze areeche, ass jiddwereen vun eis gefuerdert: déi global Gemeinschaft, déi eenzel Länner, d’Politik, d’Wirtschaft, d’Reliounsgemeinschaften, d’Zivilgesellschaft (wéi d’Fondatioun Follereau), an all eenzel Persoun.

Zil 4: Inklusiv Educatioun fir jiddereen a Fërderung vum Lifelong Learning

Zil 4 viséiert ënner anerem bis 2030:

- All Meedchen an all Jong **d’Chance op eng gratis primär an sekundär Schoulausbildung** ze ginn, déi hinnen reell Chancen bitt, eng Aarbecht ze fannen.
- Unzuel un Jonken **mat adequaten fachlechen, techneschen an professionellen Kentnisser** ze erheichen fir enger mënschewierdeger Aarbecht kënnen nozegoen oder sech selbststänneg kënnen ze maachen.

D’Offer vun der formation professionnelle am Mali verbesseren fir néi Perspektiven fir déi Jonk vu Ségou ze schaaften

Am Mali, méi genau zu Ségou, ënnerstëtzt d’Fondatioun Follereau den **“Projet de développement de la formation professionnelle pour l’employabilité des jeunes en situation vulnérable”**. Sekundär professionell Ausbildungen ginn et am Mali just ganz begrenzt, deementspreechend sinn déi puer Ausbildungszentren déi et ginn oft iwwerlaascht oder net op den Besoin vum Aarbechtsmarché adaptéiert. Fir eng besser wirtschaftlech Entwécklung ze erméiglechen ass Bildung ee Schlësselement.

Am Mali besichen **just 23.1% vun de Meedercher an 36% vun de Jongen¹ den Enseignement secondaire**. Dovunner packen et just ee Brochdeel hiren Ofschloss och fäerdeg ze maachen, well si oft am Haushalt als zousätzlech Aarbechtskraaft gebraucht ginn oder aus finanziellen oder sozialen Grënn sech schonn fréi mussen bestueden.



Formation en agro-écologie

¹ UNICEF. Statistiques Mali 2008-2012: Taux net de scolarisation, qui est équivalent au nombre d’élèves inscrits à un niveau d’étude (secondaire dans ce cas) ayant l’âge officiel pour fréquenter ce niveau scolaire. Source : https://www.unicef.org/french/infobycountry/mali_statistics.html

Den Projet, deen d'Schüler an d'Schülerinnen vum Fieldgen d'est Joer wäerten ënnerstëtzen, huet säit 2011 d'Offer un Formatiounen vu fënnef verschiddenen Ausbildungszentren vergréissert, an deem si dës Zentren finanziell beim **Opbau vu neien Ausbildungsprogrammen** gefërdert hunn.

Ënnert anerem goufen dobäi Formatiounen am Beräich vun der **Solarenergie (Photovoltaik)**, **landwirtschaftlecher Mechanik** oder och am **Fachgebitt Hôtellerie / Tourismus** opgebaut.



Formation en agro-écologie



Formation photovoltaïque



Formation électricité bâtiment

Zieler vum Projet sinn also :

- Offer un **professionaliséierenden qualitativen Ausbildungen**, déi un Demande vum Aarbechtsmaart ugepasst sinn ze vergréisseren;
- Jugendlechen, déi am ländlechen Ségou an enger finanziell prekärer Situation opwuessen eng Méiglechkeet ginn eng **Formatioun kennen ofzeschléissen**
- Si duerch **Workshopen** op d'Aerbeschtliewerwen firbereeden (CV schreiwen, Tipps zur Selbststännegkeet, etc.)
- Si bei der Aarbechtssich an hirer Integreatioun op den Aarbechtsmaart **ënnerstëtzen**.



Module Pâtisserie an der Fomratioun fir Tourismus-Hôtellerie